N°1901
Entrée le 06.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg ginn et laut STATEC 15 grouss Enquêten déi reegelméisseg duerchgefouert ginn, sech un d'Particulieren adresséieren an eng "obligation de participation" beinhalten. An den Aluedungen déi de Leit zougeschéckt ginn, gëtt sech an dësem Kontext op e Gesetz vum 10 Juli 2011 beruff an eng méiglech finanziell Sanktioun ugedeit.
Kuckt een sech d'Rapporte vun deenen Enquêten un, gesäit een dass den Taux de Participation trotzdeem fir keng Enquête bei 100% läit. Eisen Informatiounen no, ass bis elo och nach keng finanziell Sanktioun ausgeschwat gi fir déi betraffe Persounen déi net matgemaach hunn. An dësem Kontext stellen sech dann natierlech e puer Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Ministère eis Informatioun confirméieren a falls net, eis matdeelen, wéi vill Sanktiounen an dëse Fäll säit 2011 pro Joer ausgeschwat gi sinn?

2. Falls Sanktiounen ausgeschwat gi sinn, wéi héich sinn dës ausgefall?

3. Falls keng Sanktiounen ausgeschwat gi sinn, plangt de Ministère dëst Gesetz z'adaptéiere fir d'Leit anescht ze motivéieren an net méi Sanktiounen unzedeiten déi net appliziéiert ginn ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten